N° 8311
Entrée le 13.09.2023
Chambre des Députés
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Fernand Etgen
Luxembourg, le 13.09.2023

**Groupe parlementaire**

Här Fernand Etgen

Präsident vun der Deputéiertechamber

19, um Krautmaart

L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 13. September 2023

Här President,

Esou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un den Här Educatiounsminister weiderzeleeden.

Mat der Aféierung vum Cours "Vie et Société" an de Schoulen, gouf simultan matgedeelt, datt no enger gewësser Zäit eng Evaluatioun vun dësem Cours géif gemaach ginn, an dat an deem de *Conseil des cultes conventionnés* reegelméisseg punkto reliéis a philosophesch Froe géif consultéiert ginn. An der Convention entre l'État du Grand-Duché de Luxembourg et l'Église catholique du Luxembourg steet am Art. 12 : "*La communauté religieuse fait partie d'un Conseil des cultes conventionnés qui est l'interlocuteur du Gouvernement pour les dispositions relevant du présent chapitre. Le Conseil des cultes conventionnés se donnera un statut réglementant son organisation intérieure.*"

An deem Zesummenhang geif ech gär dem Här Educatiounsminister folgend Froe stellen:

1) Bis dato ass, menges Wëssens, nach keng Analys vum "Vie et Société"-Cours veröffentlecht ginn. Ass eng an der Maach? Wa jo, wéini gëtt déi publizéiert? Wann nee, firwat net ?
2) Ginn déi verschidde reliéis Kierchen a Communautéiten (Conseil des cultes conventionnés) reegelméisseg zu den Entwécklungen consultéiert ? Wann jo, ënnert wat fir engem Form ? Wann nee, firwat net ?

.

Mat déiwem Respekt,

Fernand Kartheiser
Deputéierten

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de l'Éducation nationale,
de l'Enfance et de la Jeunesse

**Äntwert vum Minister fir Educatioun, Kanner a Jugend, Claude Meisch, op d'parlamentaresch Fro Nr. 8311 vum honorabelen Deputéierte Fernand Kartheiser**

**Ad 1)**

Et ass richteg, datt keng Analys vum Fach „Vie et Société" (VIESO) veräffentlecht gouf.

Am Joer 2017 gouf eng intern Ëmfro duerchgeféiert, fir en Iwwerbléck iwwer den Erfolleg vum Fach ze kréien a festzestellen, wou Verbesserungspotential bestoe géif. Am Uschloss goufen ë. a. all d'Materialien zum Cours fir den Enseignement fondamental an den Enseignement secondaire iwwerschafft, fir méi no un d'Besoine vun den Enseignanten ze kommen. Dës Ëmfro war awer net representativ, sou datt se just fir intern Zwecker benotzt gouf.

Eng méi breet Analys gouf am Joer 2019 geplangt, huet awer duerch d'COVID-Situatioun net méi wéi virgesi duerchgefouert kënne ginn.

Den 19. Oktober 2023 ass fir d'éischte Kéier zanter dem Lancement vum Fach ee „VIESO-Dag" fir all VIESO-Enseignanten a -Enseignanteën aus de Secondairesschoule geplangt. Dëse Gedankenaustausch ass de Startschoss fir eng méi ëmfaassend Analys vum Fach VIESO am Lëtzebuerger Schoulsystem.

Et sief nach ernimmt, datt d'Programmkommissioune vum Fach plangen, e Schoulform-iwwergräifenden Aarbechtsgrupp anzesetzen, dee mat der Iwweraarbechtung vum *Rahmenlehrplan* befaasst gëtt.

**Ad 2)**

Den Austausch mat Lëtzebuerger Reliounscommunautéiten a Kulte gouf ufanks gefleegt, huet sech awer mat de Jore verlaf. Zanterdeem datt d'Fach VIESO méi a méi als reguläert Schulfach betruecht gëttan déi vermeintlech Sonderstellung méi an den Hannergrond getrueden ass, ass och den Austausch mat de verschiddene Religiounscommunautéiten an den Hannergrond getrueden. Dobäi muss och gesot ginn, dass et an de leschte Jore keng Ufroe méi gouf fir weider Consultatiounen.

Den Educatiounsministère verschléisst sech net engem Echange mat gesellschaftlechen Acteuren am Kader vun der Entwécklung vu Programmer a Léiermaterialien, allerdéngs mussen dobäi pädagogesch Aspekter an d'Zilsetzunge vum Léierplang agehale ginn.

Lëtzebuerg, den 11. Oktober 2023

De Minister fir Educatioun,
Kanner a Jugend

(s.) Claude MEISCH